



Meisch net déi noutwendeg Upassunge gemaach, fir et kloerzestellen?

Mat dësem Text ass elo villes machbar. A genau weinst dësem Punkt hu mer eis Schwieregkeete mam Projet de loi.

Op där anerer Säit wësse mer awer och, wat fir ustrengend Joren d'Hotelsschoul hanner sech huet. De Minister hat d'Schoul méi wéi ee Joer laang am Ree stoegelooss. Dat ass net normal! Méi wéi ee Joer laang hat de Minister keen Direkter genannt fir d'Schoul, bis dann am Februar d'lescht Joer de Poste kuerzfristeg nach eemol ausgeschriwwen ginn ass an du séier och besat ginn ass.

An ech kennen, wéi gesot, déi Dikrecher Hotelsschoul scho méi laang. A gleeft mer et, dat ass eng dynamesch Schoul, eng Schoul mat vill Potenzial! A wann d'Schoul net déi motivéiert an engagéiert Enseignanten, Direktiounsequipp a soss Personal an och Schüler hätt, da wier se net do, wou si elo ass. Dann hätt se net national an international dee Ruff, dee se elo huet. An duerfir wäerte mer trotz eise Bedenken de Projet de loi stëmmen, fir d'Schoul net erëm ze bremsen.

An ech wënschen der Dikrecher Hotelsschoul an hirer gesamter Equipp all Guddes.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här Président, als déi gréng begrësse mer ausdrécklech, dass de Conseil consultatif do kënt, fir dat Zesummespill ze kréien tëschent der Beruffswelt an der Schoul, fir dass den Austausch do geschitt. An ech mengen, et ass och gutt, dass an deem Projet de loi hei nei Weeër gesicht ginn, wéi déi Schoul sech kann entwéckelen, ënner anerem mat dem BTS eben an der Hotellerie an och am Tourismusberäich.

Mir sinn och der Meenung, dass et net anescht geet, wann een e Spezialgebitt opbaut, wéi dat am Tourismusberäich awer de Fall ass. An ech selwer kann och soen aus dem Atert-Lycée eraus, dass een heiandsdo muss Leit rekrutéieren, déi aus anere Beruffszweiger eriiwwerkommen, an dass een natierlech soll drop oppassen, dass déi déi noutwendeg Formatioun an hirem Spezialgebitt hunn. An dofir menge mer, dass et och net anescht geet, wéi esou e Rekrutement ze maachen.

Dann nach just e Wuert zum Numm vun der Schoul. Am Sproochgebrauch war et ëmmer „d'Hotelsschoul“. An dass een awer doran verstoppt den Tourismusberäich schonn ëmmer enseignéiert huet an dass dat elo soll bäikommen an d'Hotels- an Tourismusschoul soll ginn, dat begrësse mer och ausdrécklech.

A vu dass se hiren Numm scho geännert hunn op hirem Internetsite, géifen déi gréng och elo d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi ginn. Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. D'Madamm Tess Burton huet d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Merci, Här Président. Ech wëll dann awer och profitéieren, a mengem Kolleeg Gilles Baum Merci soe fir säi Rapport, deem am Fong näischt méi bäizefügen ass. Ech wëll awer trotzdem nach eng Kéier drun erënneren, dass mir eréischt d'lescht Woch den zénfte Fënnefjoresplang vum Tourismus heibanne gestëmmt hunn. De Wirtschaftsminister wäert do 60 Milliounen Euro zur Verfügung stellen, fir den Tourismus ze promouvéieren an ze professionaliséieren.

Stéchwuert: Professionaliséieren. Et fänkt domadder un, dass mer eise Schüler eng gutt Formatioun ubidden. An dofir kënnen mer déi Ännerungen, déi mat dësem Gesetz hei gemaach ginn, nëmme begrëssen a ginn natierlech och den Accord zu deem heite Projet. Voilà!

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här Président. Merci un den Här Baum fir de Rapport. Mir hu wéi vill Leit hei am Land e grouse Respekt virun der Hotelsschoul. Et ass eng Schoul, déi souwuel hei am Land wéi och am Ausland eng grouss Reputatioun huet, wou och vill Leit aus dem Ausland heihinner kommen, fir hei forméiert ze ginn. Et ass also och gutt, dass mer déi Schoul ëmmer weiderentwéckelen an um leschte Stand vun deem halen, wat do néideg ass.

Et ass also e Gesetz, wat mir vum Prinzip hier begrëssen. Datt do elo do den Hotel ass a villes aneres, sinn ausgezechent Iddien.

Wou mer e Problem hunn als ADR, dat ass mat där Iddi, dass elo kënnen an d'Fonction publique nees Leit opgeholl ginn, déi kee Lëtzebuergesch kennen an déi nëmmen eng vun deenen dräi Verwaltungsproochen um Niveau

B2 musse kennen. Et ass net déi éischte Kéier. Mir hunn dat bal systematesch an dëser Legislaturperiod gehat an enger ganzer Rei vu Schoulen, souguer am Zentrum fir d'Lëtzebuergers Sprooch. Mir sinn net domadder d'accord!

Ech weess, d'CSV huet elo argumentéiert, dass se och net d'accord ass an awer d'Gesetz stëmmt. Dat ass net dee Genre Lektür vu Prinzipientrei, déi mir als ADR maachen. Mir wëllen, dass déi Lëtzebuergesch effentlech Funktioun Lëtzebuergeschsproocheg ass!

Wann Auslänner heihinner an d'effentlech Funktioun wëlle kommen, solle se Lëtzebuergesch léieren. Dat ass genauso, wéi wann een an der däitscher effentlecher Funktioun wëllt schaffen. Da léiert en Däitsch, oder an anere Länner. Dat ass eng Selbstverständlechkeet.

Mir sinn och net dergéint, dass déi Leit, déi heihinner kommen an déi Sproochekonditioun nach net erfëllen oder net wëllen, net kënnen Lëtzebuergesch léieren, wéi och ëmmer, dass si ënner engem anere Statut kënnen engagéiert ginn - dat wier och kee Problem fir eis -, als Consultant oder als iergendwéi eng Roll, dass se kënnen enseignéieren an där Schoul. Dat wär alles fir eis kee Problem, well mer agesinn, dass et heiandsdo gutt ass, héichspezialiséiert Leit kommen ze loosson, au bénéfice des élèves. Kee Problem!

Awer mir wëllen ee Prinzip kloer halen: Wien an d'Lëtzebuergers Fonction publique kënnen, muss Lëtzebuergesch op deem héchsten Niveau schwätzen kënnen. Mir sinn elo an enger Tendenz, wou mer net wëssen, wou se hiféiert. Mir hunn eng Multiplikatioun vun esou Ausname schonn an dëser Legislaturperiod gehat. A mir als ADR stinn do kloer dergéint.

Mir wäerten dëst Gesetz mat aller Léift zur Hotelsschoul, mat allem, wat mer unerkennen u Positivem an dësem Gesetz dofir net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här David Wagner huet d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerten eis bei dësem Projet de loi enthalen, allerdéngs net aus deeneselwechte Ursaache wéi mäi Virriedner elo. Et sinn e puer Dispositiounen, déi eis awer stéieren oder wou mer eis eng Partie Froe stellen, notament mat d'Stagiären ugeet.

An der Hotelsschoul ass et jo esou, dass et grad déi Schoul och ass, wou och de professionelle Stage gemaach gëtt. A mir bemängele genauso wéi d'Chambre des Salariés, dass awer weiderhin eng ganz Partie vu Sekuritëiten net garantéiert ginn. Et gëtt sech beruff op d'Gesetzgebung vun der Formation professionnelle. Et gëtt jo an den Tuyauen e Gesetz, dat justement soll dat iwwert de Stage regelen, dass den Aarbechtsminister Nicolas Schmit deposéiert huet, allerdéngs relativ spéit am Laf vun dëser Legislaturperiod, soudatt et wahrscheinlech och nach net wäert duerchkommen.

Dovunner ofgesinn, ass dee Projet de loi och nach ganz kritikabel, mä soit. Mä op jidde Fall gëtt et awer och scho Pisten, notament an engem Avis vun der Chambre des Salariés, wéi een dat kéint besser organiséieren; dat heescht, d'Remuneratioun an och d'Sécherheet vun de Stagiären. Dat ass eis elo alles e bësse flou.

Flou an eisen Aen, an do ginn ech och an déiselwecht Richtung wéi d'CSV, dat ass och de Rekrutement an d'Personal, wat do schaffe wäert. Mir kënnen novollzéien, dass grad och nach an enger Hotelsschoul mussen Expertisë geholl ginn, déi méi original sinn, mä d'Derogatiounen schéngen eis eenditeg nach ze flou ze sinn an dësem Gesetz. A mir mengen och, dass esou Derogatiounen misste méi konkret festgeluecht ginn, iwwerhaupt an der Gesetzgebung vun 2015.

Mir maachen eis prinzipiell och Suergen, dat hu mer awer och schonn hei gesot, iwwert déi verschidde Gesetzgebungen, déi all Kéiers ad hoc fir all Schoul geschafe ginn. Déi Liberal, déi fannen dat interessant, well an hiren Aen ass dat esou eng Emulatioun, déi do entsteet. A bon, jo, dat ass e gewësse Kompetitivitéits-, e Konkurrenzgedanken, deen an der École publique soll do entstoën.

Mir hunn eng aner Analys. Mir sinn net der Meenung, dass dat esou funktionéiere wäert. A mir sinn och der Meenung, dass Autonomie an demokratescht Matbestëmmen an engem anere Kader misst organiséiert ginn, an engem Kader och, wou all Schoul muss genuch Mëttelen hunn an déiselwecht Mëttelen hunn. An déi mussen zu 100% vum Stat a vun der effentlecher Hand assuréiert sinn, well soss gi mer an eng Richtung, wou déi verschidde Lycéeën net méi déiselwecht Dispositiounen wäerten hunn; déi eng géint déi aner. Bon, mä dat ass nach eng aner Diskussioun.

Ech wollt awer nach e kleng Wuert verléieren, well dat mech interesséiert, wa mer scho beim Léiere vun der Gastronomie sinn. D'Madamm Statssekretärin war jo op der Springbreak, wéi dat hautzedaags heescht... Doriwwer kéint een och nach diskutéieren, iwwert de Gebrauch vu komesche Wieder vum Wirtschaftsministère. Ech weess net, ob se ganz genau wëssen, wat Springbreak an den USA heescht. Mä soit!

(Hilarité)

Vuole fare l'americano, wësst Der. Dat ass e bëssen esou, wann een do wëllt den Amerikaner spilen, an duerno ass een e bësse ridicule. Mä soit, dat ass eng Saach!

Mä do gouf jo annoncéiert, fir zu Suessem am Schloss eng Spezialschoul och esou ze maachen, Bocuse an esou weider. E prestigiéise Projet, et kéint en interessante Projet sinn. Et gëtt allerdéngs och schonn e Projet, deen, mengen ech, d'Suessemmer Gemeng selwer ausgeschafft huet, dee wahrscheinlech vill méi perenne ass.

A wat ech net verstinn, dat ass, dass einfach deen ee Projet, deen aneren eweckickt. An ech géif et awer interessant fannen, ech soen dat, ech sinn emol net aus dem Süden, ech sinn net concernéiert, mä ech géif et interessant fannen, well de Sujet mech interesséiert, wann och eng Kéier kéint doriwwer diskutéiert ginn. Ech hoffen och, dass de Suessemmer Schäferot sech fir eng Kéier emol géint d'Regierung kéint behapten. Dat kéint emol eng Kéier geschéien.

(Hilarité)

Neen, mä Spaß beiseite! Dat wier awer eng wichteg Saach. Mä voilà, ceci étant dit, mir wäerten eis enthalte bei dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den Erzieungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, och e Merci un de Gilles Baum als Rapporteur. Ech mengen, alles ass erkläert. Vlächcht een Aspekt nach, dee kann ech derbäifügen, nämlech dass dat heiten ee vun de Resultater ass vun engem laange Reflexiounsprozess, dee mer zesumme mam Secteur vun der Gastronomie, der Horeca gefouert hunn, nämlech fir ze kucken, wat fir eng Akteuren, wat fir eng Formatiounen mer sollen ubidden, wat mer vlächcht un neie Formatiounen brauchen, wien och wat fir ee Rôle doranner soll iwwerhuelen.

An natierlech ass och do de Rôle vun dem Flaggschëff vun der Ausbildung am Beräich vun der Gastronomie, nämlech der Hotelsschoul zu Dikrech, ugeschwat ginn, wou jiddweree sech eens ass - an dëst Gesetz iwwersetzt dat och elo nach eng Kéier an e legale Kader eran -, dass d'Hotelsschoul zu Dikrech, déi elo d'Hotels- an Tourismusschoul vun Dikrech ass, eben och d'Exzellenz soll duerstellen, d'Exzellenz soll fërderen an zesumme mat enger Rei vun anere Schoulen, déi och an deem Beräich Formatiounen ubidden, soll kucken, dass mer souwuel genuch Leit ausbilde fir dee Secteur, well et e Secteur ass, deen nach ganz vill astellt an och Problemer huet anzustellen, hei zu Lëtzebuerg ze rekrutéieren, an awer och an der Qualitéit ganz gutt ausgebildete Leit ausbild, well et sinn déi, déi mat ganz ville Leit hei zu Lëtzebuerg an och vu baussen a Kontakt sinn.

A wa mer vu Nation Branding schwätzen, nach eng Kéier en neit Lëtzebuergesch Wuert, wat mer oft gebrauchen, dann ass dat dote sécherlech deen éischte Moyen, fir op eis opmierksam ze maachen, fir ze weisen, dass mer frëndlech sinn, dass mer oppenhäerzeg sinn an dass mer och wëssen, wat gutt Kichen an e gudde Patt ass.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Ech mengen, da kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7303 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7303 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo... nach net grad... ofgeschloss.

54-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7303 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7303 est adopté par 55 voix pour, 3 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher,

Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 7334 iwwert d'Biokläranlag zu Iwwersyren. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Henri Kox.

11. 7334 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer:

1° au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration biologique intercommunale du bassin hydrographique de la Syre supérieure à Uebersyren;

2° au financement des infrastructures de traitement des eaux urbaines résiduaires en provenance du centre pénitentiaire de Schrassig;

3° au financement des infrastructures de raccordement et de traitement des eaux usées de la zone aéroportuaire à la station d'épuration biologique d'Uebersyren

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Hei geet et effektiv ëm d'Kläranlag zu Iwwersyren. Eier ech awer zum eigentleche Projet kommen, wollt ech awer e klenge Bilan zéien, well a mengem schrëftleche Rapport e puer Zuelen awer genannt sinn. An et ass awer wichteg, déi eng Kéier hei ze ernimmen.

Mir wëssen, dass mer viru fënnef Joer e bësse méi schwéier ugefaang hunn, well mer och eng Strof kritt hunn, well mer Retarden haten. Awer mëttlerweil ass iwwert déi ganz Legislatur ganz gutt geschafft ginn, an dat am Zesummespill mat de Syndicaten an de Gemengen, well eleng de Stat kann et net richten. An dofir war et wichteg, dass och d'Gemengen hir Responsabilitéit iwwerholl hunn, an och déi entsprechend Syndicaten.

Haut kann ee soen: 95% gi biologesch traitéiert. Dat mécht am Ganzen - dat ass dee sougenannten „Einwohnergleichwert“ -, dass ass bal 1 Millioun Einwohnergleichwert, déi hei a Lëtzebuerg traitéiert ginn. Et ginn awer och nach 107 mechanesch Kläranlagen, vun deenen een awer nach muss soen: 60 ginn elo vergréissert a 37 ginn der ganz nei gebaut. Dat sinn nach eng Kéier 16.000 Einwohnergleichwerter.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

2017 gouf en Invest gemaach oder Subventiounen vun der AGE oder dem Fonds pour la gestion de l'eau, iwwer 140 Milliounen als Subventioun, an Eegemëttel nach eng Kéier: 94. An déi nächst zéng Joer gesi vir, dass nach eng Kéier 1,1 Milliard mussen investéiert ginn. Also, et steet nach munches bevir, ënner anerem, an da kommen ech zum eigentleche Projet hei: Et geet och ëm déi sougenannte véiert Stuf.

Wat heescht dat? Dir wësst alleguerten, d'Medikamenter an nach aner Produiten, d'Micro-



polluanten, déi sollen och zukünfteg an de Kläranlagen erausgeholl ginn. An hei gëtt en éischte Projet dorauer gemaach.

Wat passéiert elo bei dëser Kläranlag? Ma si muss vergréissert ginn, nämlech vu 35.000 Einwohnergleichwerter op 122.000 Einwohnergleichwerter. Dat ass substanzuell, well et sinn nämlech fënnf Gemengen do ugeschloss, an ënnert dem Syndicat SİDEST gëtt et ausgefouert. Dat ass Conter, Nidderaanwen, Sandweiler, Schëtter a Weiler-la-Tour, an - an dat ass dee ganz wichtege Punkt hei - et ass de Findel.

Dir wësst, de Findel, jiddwereen, dee mam Flinger am Wanter emol flitt, da bleift e stoen, well Entscheide musse gemaach ginn. An do gi Produiten agesat, déi biologesch ofbaubar sinn, awer déi haut musse komplizéiert mat Loft, mat Sauerstoff traitéiert ginn, wat ganz vill Energie bedeit. An dofir war et wichteg, dass endlech elo dës Kläranlag dann déi néideg Ausbaustufe kritt, fir dat opzefänken.

Niewent dem Findel ass et awer och nach Schraasseg. Also, de Prisong gëtt och nach mat ugeschloss, soudass d'Opdeellung, wa se da fäerdeg ass, seet: 45% sinn et d'Gemengen - Schraasseg mat dem Prisong: 2,5% - an de Flughaf selwer, wat net näischt aus, wäert awer 52% vun der Kläranlag ausmaachen.

Dat Ganzt huet een Invest, an et ass jo e Finanzéierungsgesetz, dat sinn 162 Milliounen. Dat ass net näischt. Also, ech mengen, et ass wichteg, dass an Zukunft och hei investéiert gëtt, well eis Gewässer, eist Drénkwasser awer weider muss propper gehale ginn.

Fënnf Punkte wollt ech erwänen. Dee ganze Projet soll a fënnf Joer ëmgeseit ginn. Ech hoffen, dass dat och entsprecheend da kann ëmgeseit ginn. En éischte Punkt ass eben d'Extension vun der Kläranlag selwer. En zweete Punkt sinn d'Infrastrukture fir den Traitement vun deem, wat vum Prisong kënnt. En drëtten Punkt ass et, fir eben alles vum Findel erforschéien, laanscht d'Autobunn erof op Iwwersiren, soudass mer do dann deen Uschloss kënne maachen.

Et ass awer och dru geduecht, an dat ass wichteg, am Wanter komme jo bei Reen a bei villen Entäisungsaktiounen relativ héich Quantitéiten. An déi héich Quantitéit däerf net direkt an d'Kläranlag goen, well dat och zu engem Kippen da féiert. Dofir ginn och Basengen, also Opfangbecken gebaut, déi natierlech och e Käschtepunkt hunn, awer déi dann de Funktionement vun der Kläranlag besser wäerte kennen am Grëff behalen.

An dee leschte Punkt ass eben d'Infrastruktur fir den Traitement. Dat si fënnf Punkten, wéi gesot, ech hat virdrun de Chiffer scho genannt. Am Gesetz gëtt en opgedeelt, eng Kéier an den Haaptausbau vun der Kläranlag, dat si 36 Milliounen, an dat, wat iwwert déi Zousätz wéi de Becken, wéi d'Infrastrukturen an esou weider kënnt, dat sinn nach eng Kéier 93 Milliounen.

Et ass, wéi gesot, e ganz wichtegt Gesetz, wat mer domat op de Wee ginn. Et war och séier an der Prozedur. Mir missten emol bei anere Gesetzter och kucken, dass dat an där Schnellgeet ka gemaach ginn, well d'Gesetz ass de 4. Juli 2018 deposéiert ginn. De Statsrot war och emol eng Kéier relativ séier, en huet den 10. Juli 2018 säin Avis ginn. Den 11. Juli sinn ech als Rapporteur designéiert ginn an den 18. Juli hu mer unanime mäi Rapport ugeholl. An ech wär frou, wann et och hei an der Chamber Unanimitéit zu dësem Projet géif ginn. An ech brénge gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech mer erlaben, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Henri Kox, villmools Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Hien huet u sech dee Projet hei am Detail och beschriwwen. Hien huet e Resumé gemaach iwwert déi lescht fënnf Joer Aktivitéiten. Ech wëll net méi dorop agoen.

Ech wëll direkt soen, dass mer natierlech och als CSV-Fraktioun ganz frou sinn, dass d'Kläranlag Iwwersiren ebenfalls moderniséiert an erweidert gëtt. Ech mengen, do si mer absolutt enger Meinung. Ech hunn awer eng Rei Froen.

Eng éischt ass déi, wa mer vu 35.000 Awunner gläichwäert op 122.000 Awunnergläichwäert an d'Luucht ginn, wa mer gläichzäiteg nach e Bassin de stockage bauen, dee substanzuell ass, an et weess een, dass u sech Iwwersiren och op där Lëscht war, wou mer jo laang als Lëtzebuerg prozesséiert hunn a wou mer eng Strof kritt hunn, dann ass et dach schwéier nozevollzéien, dass mat Ausnam vun enger Kéier d'Kläranlag Iwwersiren soll ëmmer esou schrecklech konform gewiescht sinn. War dat vläicht, fir alles, awer och wierklech alles deene vun der Bleesbréck an d'Schong ze schiben?

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Op jidde Fall, ech kann lech hei direkt soen, dass déi vun der Bleesbréck, wa se dann och dacks an de Mond geholl gi sinn, awer alles gemaach hunn. Soubal mer hei an deem Haus e Finanzéierungsgesetz am Dezember 2013 gestëmmt haten, hu mer den Turbo op der Bleesbréck ageschalt a mir hate bal net op all Geneemegung gewaart a mir si lassgefuer. An a Rekordzäit hu mer et u sech fäerdegbruecht, dass mer déi Bleesbréck konform kritt hunn.

An ech wëll lech just soen, dass ab dem 17. Januar dëst Joer, jo, all Normen agehale ginn an u sech hunn heich Beamte vun deem zoustänneg Ministère gesot kritt vun deene Responsabele vun der Europäescher Kommissioun, dass mer, souguer wa mer dann och nach eng Kéier Sue misste bezuelen, d'Suen awer héchstwahrscheinlech géife vum 17. Januar dëst Joer u vun der Strof zrëckkréien. Mir hunn u sech also quasi ee Joer méi schnell geschafft, wéi virgesi war.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- An duerfir brauch de Lëtzeburger Stat, a mir si ganz frou doriwwer, ronn eng Millioun manner ze bezuelen. Duerfir misst et vun do u jo kloer sinn, dierft d'Bleesbréck u sech an där Hisiicht net méi - wéi heescht et esou schéin op Däitsch? - „der Prügelknabe“ sinn.

Dann hunn ech awer nach e puer aner Froen. Eng ass ugeschwat ginn, dass sinn u sech d'Micropolluanten. Et ass wichteg, dass mer an der Zukunft e weideren Effort maachen, dass mer all déi Medikamenteréckstänn oder esou vill wéi méiglech vun de Medikamenteréckstänn, Pestizideréckstänn an och Hormonréckstänn aus dem Waasser eraushuelen.

Wéi gesäit et fir d'Zukunft aus? Wéi gi mer do vir? Wat fir eng Gréisst vun Anlage kréien eng sougenannte véiert Rengegungsstuf? Dat ass e wichtegt Element.

An dann e weidert wichtegt Element, ech mengen, ech fannen et och ganz positiv, dass grad dës Anlag och esou eng véiert Stuf kritt. Ech mengen, dass ass keng Diskussioun. Dann ass et esou, dass jo och an dëser Anlag e Pilotprojet u sech nach ass, fir Phosphor aus dem Klärschlamm erauszuhuelen.

(Interruption)

Dat hat de Rapporteur vergiess, mä et kann een net ëmmer alles soen. Dat ass also ganz wichteg. Et muss ee wëssen, dass Phosphor net onbegrenzt virkënt an dass Phosphor u sech wichteg ass, dass mer dowéinst eng Réckgewinnung vum Phosphor maachen an dass mer dee Phosphor erëm eng Kéier kennen asetzen, fir d'Wuessbarkeet vun eise Planzen zum Beispill ze garantéieren.

Da wollt ech awer nach en anere Punkt uschwätzen, an zwar geet et dodrëm, et si fënnf Gemengen, déi hei concernéiert sinn. Ech wëll just deene Gemenge mat op de Wee ginn, dass se awer sollen oppassen. Wa mir elo e Gesetz hei stëmmen, e Finanzéierungsgesetz, dann ass et jo awer esou, dass do u sech e Platzong zrëckbehalde gëtt vun deem, wat de Stat ka subventionéieren bei där Anlag.

Et ass awer leider esou, dass de Moment de Marché esou iwwerhëtzt ass, dass et gewéinlech bei den Ausschreiwunge vill, vill méi deier gëtt. Dat sinn net nëmme meng Wierder, dat sinn och d'Wierder vun engem Infrastrukturminister François Bausch, deen hei op dësem Riednerpult den 18. März genau dat am Kontext vun der Mobilitéitsdiskussioun gesot huet. Et ass also ganz kloer, dass dee Projet risquéiert, awer vill méi deier ze ginn, doduerch dass eben, wéi gesot, eng ganz Rei Parametereen an déi Richtung weisen.

A mat Ausnam vum Bauindex gëtt et kee Moyen, fir u sech da gegebenenfalls substanzuell méi Sue vum Stat ze kréien, fir dee Projet hei ze finanzéieren. Dat heescht also an anere Wierder, dass déi fënnf Gemenge risquéieren, awer nach en Deel méi op den Dësch leeën ze musse wéi dat, wat u sech hei an deem Gesetz virgesinn ass.

Datselwecht géllt och... Ben, mir gi jo dovun aus, dass d'TVA sech net méi wäert bewegen, wann, da vläicht no ënnen, wie weess. Mä

kloer ass, dass zum Beispill schonn eng laang Diskussioun gefouert gëtt, de Projet Bleesbréck war ee vun deene Projeten, déi...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Kaes, Dir musst esou lues zur Konklusioun kommen.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Ech halen direkt op, Här President. Ech halen direkt op, wann ech nach just dee Gedanken däerf maachen.

(Brouhaha)

Fir d'Bleesbréck ass hei e Finanzéierungsprojet mat 15% TVA gestëmmt ginn, dann ass d'TVA op 17% eropgaangen. An et gëtt sech relativ driwwer gestriden, ob dann déi 2% d'office do derbäikommen, wat eleng op deem Projet eng Millioun ausmécht, wat jo awer Sue sinn, oder wéi et ass.

Dat heescht, ech kann nëmme just deenen - an dann halen ech op - fënnf Gemenge roden, dach awer dat nach eng Kéier am Detail ze kucken.

An deem Sënn ginn ech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kaes. Dann huet d'Madamm Hemmen d'Wuert.

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Ech bleiwen hei op menger Plaz, well ech eigentlech just wéilt dem Rapporteur e ganz grouse Merci soen. Wann ech géif bei d'Riednerpult kommen, da géif ech eigentlech widerhuelen, wat hien och gesot huet, an zwar géif ech op d'Wichtigkeet poche vun deem Projet. Ech soen em och Merci, dass en am Virfeld eng Kéier kuerz e Bilan gemaach huet an dass en och nach eng Kéier dee Chiffer vun 1,1 Milliard an Aussicht gestallt huet, déi et jo elo nach wäert kaschten iwwert déi nächst Joren, fir dass mer um Niveau vun eise Kläranlage weiderkommen.

Dir wësst, dass dat e ganz sensibel Thema ass, wat dann och an dëser Legislaturperiod ganz eescht geholl ginn ass.

Ech soen och Merci dem Här Kaes, dass en eis als Gemengen, déi concernéiert sinn, déi gutt Rotschlë mat op de Wee ginn huet. Ech wéilt awer och do soen, dass mer natierlech a vollem Vertraue mam Bauhär a mat eisem Partner vun de Gemengen, dem SİDEST, an doriwwer eraus dann och dem Här Ries, deen haut de Mëtteg hei bei eis ass, déi Aarbechte wäerten ugoen. An dat gesot, fanne mir et natierlech wichteg a mir ënnerstëtzen dat voll a ganz.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een den Zoustand vun eise Gewässer kuckt, da soll een éierlech sinn, da soll een näischt verschéinere. An et soll een net behaupten, dass Lëtzebuerg do keng Problemer hätt, ganz au Contraire. Mir hu vill Efforten an deene leschte Jorzéngte gemaach, dat ass richtig. Mä wa mer awer déi genee Analys maache vum Zoustand, da musse mer awer net onbedéngt zu engem Resultat kommen, wat eis kann zefriddestellen.

Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, dass keen Iwwerflähegewässer de Prädikat vu ganz guddem ökologeschem Zoustand verdéngt. 23% weisen eng onbefriddend Qualitéit op a souguer 8% carrement eng schlecht. Wa mer dat aus hydromorphologescher Siicht kucken, dann erreecht u sech kee Gewässer d'Zil vun der Waasserramenrichtlinn. A wann ee reng de chemeschen Zoustand kuckt, da gesäit d'Situatioun nach vill méi schlecht aus. Duerfir solle mer och bescheide sinn. Ech soen et nach eng Kéier: Trotz den Efforten, déi an all deene Jore gemaach gi sinn, bleift nach ganz vill ze maachen.

Bis 2027 musse mer dem Artikel 4 vun der Waasserramenrichtlinn gerecht ginn, dat heescht, dass mer nach enorm vill Investitiounen musse maachen. Et däerf een net vergiessen, de Moment ginn eng 26,6 Milliounen Meter Kibb d'Joer gekläert. Dat ass ganz vill an dat setzt virus, dass mer awer nach mussen trotzdeem ganz grouss Efforte maachen.

Ech wëll virun allem op de Problem vun der Micropollutioun hiweisen. Dat ass hei och scho kuerz ugeschnidde ginn, haaptsächlech d'Medikamenteréckstänn an eise Gewässer. Et gëtt geschat, dass an Europa ronn 3.000 verschidde Medikamenter an de Gewässer sinn. Do si mer natierlech ganz séier bei der Diskussioun ëm déi véiert Stuf, wat hei schonn ugeschnidde ginn ass. Dat ass eng grouss Erausforderung. Ech wëll just drop hiweisen, dass d'Schwäiz eis do awer schonn e Schrack virus ass.

Da gëtt et en anere Problem, dat ass dee vun de PCPen, dat heescht den „personal care products“, Shampooing, Seef a Kosmetik an esou weider. Och dat kënne keng Mikroorganismen ofbauen. Mä och dat wäert an Zukunft d'Gewässer nach ëmmer zousätzlech belastschen.

Wa mer also deem zweete Bewirtschaftungsplang wëlle gerecht ginn, da mussen nach mindestens 1,1 Milliard bis 2021 investéiert ginn. Dat sinn also am Duerchschnëtt ronn 250 Milliounen d'Joer.

Haut ass ouni Zweifel e wichtege Projet, dee mer hei decidéieren, wann ee bedenkt, dass d'Kläranlag vum SİDEST de Moment nëmme 35.000 EG-Wärter huet, wann een op där anerer Säit kuckt, wat fir eng Gemengen awer dee Syndikat zesumme forméieren: Conter, Schëtter, Nidderaanwen, Sandweiler, Weiler zum Tur, a wann een awer och kuckt, wéi sech déi Gemengen entwéckelt hunn. Ech huelen als Beispill Sandweiler: 1998 hate se 2.476 Awunner, haut leie se bei 3.575.

An da kënnt natierlech virun allem dee ganz grouse Problem, dat ass dee vum Findel. An deen ass net nei, deen hu mer scho virun 20 Joer hei diskutéiert. A mer hunn en nach ëmmer net geléist krut. Selbstverständlech ass ee frou, vum reng ekonomesche Standpunkt hier gekuckt, wann de Findel ëmmer méi attraktiv gëtt. D'Zuel vun de Mouvementer ass enorm an d'Luucht gaangen. Am leschte Joer zum Beispill eng cumuléiert Croissance vu 65%. An et gëtt geschat, dass bis d'Joer 2019 95.000 Mouvementer wäerten um Findel stattfannen.

Trotz deem wirtschaftlechen Erfolg, deen een natierlech ka begrëssen, däerf een dann awer och net deen aneren Aspekt vergiessen, dass ass deen ekologeschen Aspekt. Duerfir ass et och iwwerfällg, dass hei déi néideg Investisementer gemaach ginn, dass d'Bierelerbaach net weider esou verschmotzt gëtt, wéi dat de Moment virun allem natierlech während de Winterméint de Fall ass. Well duerch déi glycolhaltege Verbindung entstinn natierlech ganz grouss Problemer.

Dann däerf een natierlech och net vergiessen, Schraasseg, wat hei deen drëtten Aspekt vum Gesetz ass, ass e staatlecht Gebai. De Stat huet déi absolutt Pflicht, ech betounen dat, déi absolutt Pflicht, awer wierklech mam gudden Beispill virzegoen. Duerfir ass et och net nozevollzéien, an et ass net nëmme fir Schraasseg, wou dat gëllt, dass et och nach aner öffentlech Gebaier ginn, déi vläicht net onbedéngt esou eng Klärung vun hire Gewässer virhuelen, wéi dat misst sinn.

Jiddefalls musse mir och an Zukunft nach maximal Efforte maachen, net nëmme wat d'Klärung vun de Gewässer ubelaangt, mä virun allem awer och wat d'Renaturéierungsmoossnamen ubelaangt. Och do läit nach ganz vill Potenzial, fir d'Selbstreinigungskraft vun de Gewässer ze erhéien.

Hei ass en iwwerfällge Projet, deem mer selbstverständlech ganz gären zoustëmmen, net ouni awer, wéi gesot, nach eng Kéier d'Remark ze maachen: Et ass e gudden Schratt an déi richteg Richtung, mä nach eng Kéier, mir däerfen net vergiessen, mir hunn nach ganz villen virun eis.

Déi nächst Regierung muss do mat Sécherheet och nach mindestens op deemselwechten Niveau weiderfuere wéi déi heiten. An ech wëll vläicht als Beispill d'Uelzecht ginn: D'Uelzecht, déi sech virun allem am Süden e bëssen aarm-séileg duerch d'Géigend quält a wou ee scho bal muss munchmol eng Lupp huelen, fir iwwerhaupt nach Liewewiesen ze entdecken.

An esou laang d'Uelzecht, jiddefalls spéitstens wa se a Lëtzebuerg eraleeft, net esou gekläert ass, wéi et soll sinn, a sech net an deem Zoustand presentéiert, wéi et misst sinn, soulaang hu mer nach ganz villen hei ze maachen, wuel wëssend dass mer natierlech och villen vun de Fransosen importéiert kréien, well déi sinn, wat d'Klärung ubelaangt, op alle Fall nach vill méi liddereg wéi mir.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. No all dëse gudde an interessante Riede mengen ech, huet d'Situatioun sech fir eis gekläert.

(Brouhaha et hilarité)

Mir soen dem Här Rapporteur Merci fir déi gutt Ried. An ech mengen, dass hei ass konkreten a sënnvollen Ëmweltschutz an dofir stëmme mir dat hei mat.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Wow!



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat ass den allgemengen Debat ofgeschloss. An d'Wuert huet d'Madamm Ëmweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech freeë mech éischstens iwwert déi breet Zoustëmmung fir dëse wierklech wichtege Projet, deem eis hëlleft, eis Gewässer an e besseren Zoustand ze bréngen. Ech freeë mech zweetens iwwer ee gudden Rapport an ech wëll dem Rapporteur e grouse Merci dofir soen. A virun allem freeën ech mech awer och iwwert d'Rapidityt, mat där all Instanzen dëse Projet traitéiert hunn, well ech mengen, et ass wichteg, dass déi Dynamik, déi den Här Kaes jo och richteg beschriwwen huet, déi entstanen ass mat e bëssen Drock vun engem neie Waasergesetz, dat dës Regierung geluecht huet, wou d'Gemengen dann elo och de Schub kritt hunn, dass mer elo all Projekte schnellstméiglech deblockéieren, gutt virugeet. Dat ass, mengen ech, ganz wichteg.

An ech sinn och ganz frou, dass och d'Bleesbréck zanter Januar d'Norme jo anhält. An ech freeë mech dann och, wa mer et dann iergendwann och tatsächlech schwaarz op wäiss sollte kréien, dass Lëtzebuerg net méi misst Strof bezuelen. Dat war en Zil, wat mer eis zesumme gesat hunn.

An dofir och nach eng Kéier en drëtten Merci un all d'Gemengeresponsabel, déi hir Projeten uerdentlech virugedriwwen hunn, an un d'Syndikater. An ech mengen, dass dat heite wierklech dofir e begrëssenswäerten, wichtige Projet ass.

Ech wëll awer och op d'Froen nach ganz kuerz agoe vum Här Kaes, wou och den Här Gusty Graas kuerz eppes gesot huet, op d'Thematik vun de Micropolluants. Dat ass eng ganz wichteg Thematik, där mer eis mussen an dësen Zäite bewosst sinn an unhuelen. Do denken ech, sollte mer... An do hu mer e Virreiderland, dat ass d'Schwäiz, déi hu scho fir déi nächst Joren e Plang.

Ech mengen, fir Lëtzebuerg mussen mer eis Situatioun genee kucken. Do ass d'Situatioun un der Musel sécherlech eng aner wéi un enger Uelzecht, déi schonn immens belaascht ass. Dofir sollte mer hei eng risikobaséiert Approche fueren an net nëmmen ee Kritär huele wéi zum Beispill d'Gréisst vun enger Kläranlag, mä wierklech kucken, dass mer resultatorientéiert schaffen an eis do e gudden Plang maachen.

Hei ass eng wichteg Komponent, dass mer eben déi véiert Stuf hei hu fir dëse Projet. An zu Recht gouf och deem anere Pilotprojet, dee mer an dëser Anlag hunn, erwäant, an zwar dee vum Phosphor. Dat ass och e ganz wichtegt Element vun dësem Projet.

An zulescht wëll ech dann drop agoen, jo, wa mer eis Gedanke maachen, dass d'Projeten uerdentlech virugedriwwen ginn an d'Käschten net explodéieren, hei an dësem Projet hu mer e Projektsmanager drop setzen, deem dat Ganzt soll virundreiwen. Dee gétt zu 100% vum Stat iwwerholl. An dann hoffe mer, dass mer a schnellen Delaien an an där Dynamik, wou mer haut sinn, dëse Projet kënnen realiséieren, fir eng gutt Qualitéit vun eise Gewässer ze garantéieren.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7334 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7334 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

60-mol Jo. Unanimitéit. Domat ass de Projet 7334 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia (par Mme Sam Tanson), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour kommen: eng Ännerung vun eise Reglement, opgrond vu Reaktiounen vum GRECO betreffend eise Code de déontologie. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Gast Gibéryen.

12. 7343 - Proposition de modification de l'Annexe 1 du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Ech versprechen Iech, ech versichen, et esou kuerz ze maache wéi méiglech, well haut diskutéiere mer an decidéiere mer eng weider Kéier iwwer eist Reglement, dës Kéier méi spezifesch iwwert d'Annex 1 vun eise Reglement, de Code de conduite, dee mir eis als Deputéierte ginn hunn.

Dëse Code ass a Kraaft getratt während der Sessioun 2014-2015. Esou wéi de President et gesot huet, de Grupp GRECO - Groupe d'États contre la corruption - vum Conseil de l'Europe huet eise Code de conduite évaluéiert an eis déi eng oder déi aner Recommandatioun gemaach, Ännerungen, déi virun allem den Artikel 8 vun der Annex 1 betreffen iwwert déi Prozeduren, wann eventuell eng Violatioun géif festgestallt ginn, déi vun engem vun ons Deputéierte vis-à-vis vun eise Code de conduite géif gemaach ginn. De Paragraph 8 hält zéng Moossname fest am Fong, wat Prozeduren ass, wann eppes net a senger Legalitéit wier, wann e Feelverhale wier, wann eng Infraktioun wier, wat fir Prozeduren da géife gemaach ginn,

wéini datt dee Comité consultatif géif agesat ginn a wat d'Sanktiounen wieren.

En huet awer am Fong net kloer festgehalen, wien am Fong kann d'Prozedur declenchéieren. Et steet just am éischten Paragraph: «lorsqu'il y a des raisons sérieuses de penser qu'un député a commis une infraction».

De GRECO seet, mir missten dat präziséieren, a proposéiert dann, datt am Fong all Bierger, chaque citoyen, misst d'Recht hunn, wann e géif mengen, et wier eng Violatioun vis-à-vis vun eise Code entstanen - sief et, datt eppes falsch deponéiert gi wier, sief et, datt eppes vergiess gi wier -, datt dann all Bierger d'Recht krit, fir ebe kënnen dat beim Chamberspräsident ze deklaréieren.

Dat ass am Fong den éischten Artikel, deem also elo festhält, datt all Bierger d'Recht huet, beim Chamberspräsident iergendwéi eng Irregularitéit oder eng Violatioun - wann e mengt, déi festgestallt ze hunn - kënnen ze deklaréieren.

A fir de Fall, wou déi Contestatioun géint de Chamberspräsident selwer geriicht wier, da misst en dat vis-à-vis vun der Presidentekonferenz maachen. Dat ass also den éischten Artikel, dee mer haut änneren.

Deen zweeten, dat ass am Fong eng Iddi, déi du vun der Reglementskommissioun selwer komm ass. Mir hunn, wéi gesot, dann dee Comité consultatif, wou mer elo an engem neien Artikel bäisetzen, datt dee Comité consultatif, wann e géif befaasst gi mat iergendwéi enger Reklamatioun vis-à-vis vun engem Deputéierten, dann d'Recht hätt, vun deem Deputéierten, deem dann och misst déi Informatiounen dem Comité consultatif liwweren, déi ze verlaangen, fir kënnen seng Aarbecht vun der Kontroll ze maachen.

Et sinn also dës zwou kleng Ännerungen, engersäits, datt all Bierger kann d'Prozedur declenchéieren an eppes mellen, an anerersäits, datt de Comité consultatif ka vun deem concernéierten Deputéierte verlaangen, déi Informatiounen an dat Material zur Verfügung gestallt ze kréien, wat se brauchen, fir ebe kënnen hir Konklusiounen do ze zéien.

Déi Iddie sinn an der Reglementskommissioun eestëmmeg ugeholl ginn an ech géif och duerfir d'Chamber invitéieren, deene Propositiounen zouzestëmmen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers** (*CSV*).- Här President, mir hunn déi Ännerung, déi nützlich ass, mat an der Kommissioun gedroen. An ech bréngen och hei den Accord vun der CSV.

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Jo, Här President, ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun, dat ass selbstverständlech, well mer déi dote Froen och scho virun enger Zäitchen diskutéiert haten an der Institutiounskommissioun.

Wéi dee leschten Tëscherapport komm ass vum GRECO, deem op där enger Säit drop higewisen hat, et soll een och ervirsträichen, dass mer u sech, wat d'Chamber ugeet, vun deene fënnf Recommandatiounen, déi si sengerzäit formuléiert haten, eng ganz ëmgesat hunn a véier deelweis ëmgesat hunn, besser leien do als Parlament, wéi eigentlech déi Froen, déi gestallt gi si par rapport zu Moossnamen, déi misste geholl ginn, fir ze garantéieren, dass de Korruptiounsrisiko bei der Justiz an op anere Plaze méi klenggehele gétt, also dass mer u sech do unerkannt kritt hunn, dass eng gewëssen Aarbecht vun eis gemaach ginn ass.

Mir haten eis jo sengerzäit 2014, wéi mer eisen éischten Code de déontologie iwwerhaupt ginn hunn hei als Parlament, wou mer relativ e Retard hate par rapport zu anere Parlamenten, dat muss ee soen, streng gehalen eigentlech un déi Regeln, déi beim Europaparlament gëllen, a mir hunn déi praktesch eent zu eent iwwerholl.

Dat huet den Advantage, dass dann all Lëtzebuerger Deputéierten eigentlech, ob national oder europäesch, ënnert deeselwechte Regimm falen. Et huet natierlech och awer den Desavantage, dass mer déi Onzoulänglechkeeten, déi sécherlech och an deene Bestëmmungen vum Code vun den Europadeputéierte sinn, natierlech och dann hei zu Lëtzebuerg erëmfannen.

An dozou gehéiert sécherlech, dass mer eis zwar Verhalensregele ginn hunn, wéi mer mat Interessenkonflikter ëmginn, wat fir eng Deklaratioun mer maache mussen, fir eng gewëssen Transparenz ze gewäreschten, wat d'Aktivi-

téite vun den Deputéierten ugeet nieft hiren eigentlechen Deputéiertenaktivitéiten, dass mer op där anerer Säit awer déi Kontroll iwwert dat, wat do deklaréiert gétt, eigentlech net fest genuch verankert hunn.

Et ass eigentlech dee Kritikpunkt, deem ëmmer erëmmkomm ass an deene Rapporten, och vun den Experte vum Conseil de l'Europe a besonnesch vum GRECO. An dat huet eis dozou beweegt, fir e puer Ännerungen ze proposéieren, déi den Här Rapporteur hei duergeluecht huet, wou mer op där enger Säit also e Recht aféieren, wat esou offen net bestanen huet - och wann et tëschent den Zeile sécherlech schonn haut do géif bestoen -, dat ass, datt all Bierger ka soen: „Ma ech sinn der Meenung, dass do eng Deklaratioun gemaach ginn ass, déi onkomplett ass oder déi souguer falsch ass.“ An da mussen mer eis Méiglechkeete ginn, dass mer esou enger Remark kënnen nogoen. Déi war bis elo net ginn, ausser d'Verwaltung hätt dat dote gemaach.

Hei gétt also déi eenzeg Instanz, mengen ech, déi och eng gewëssen Autoritéit huet an deem ganze Beräich, fir kënnen eng onofhängeg Kontroll ze maachen, dat ass eise Comité consultatif, dee mat Externe vun der Chamber jo besat ass, deem also da kann déi Kontroll maachen. Mä en huet keng speziell Befugnisser. Also muss e Wee fonnt ginn, wéi en dann un déi Informatiounen kënnt, fir dass e kann déi lwwerprüfung maachen.

An do hu mer eis géeneegt, dass mer soen: Ma ja, déi dote Kommissioun, déi seet, wat se brauch, fir déi Behauptungen ze verifizéieren, an et ass um Deputéierten dann, hinne déi Informatiounen ze ginn, déi se ebe gefrot hunn, fir kënnen hir Kontrollmissioun ze maachen.

Dat ass dat, wat mer hei virgesinn hunn. Ech mengen, dass dat eng Verbesserung ass par rapport zu eise aktueller System, dee sécherlech eng Rei vu Schwachstellen huet, an dass dat heiten och, mengen ech, dierft Gnod an den Ae vum GRECO fannen.

An ech mengen, dass mer hei also e gudden Geste maachen. Nodeem mer eng éischte Kéier scho virun net allze laanger Zäit eis e puer praktesch Froen iwwer en interne Reglement vum Bureau geregelt hunn, wéi mer eenzel Froen handhaben, kënnt hei eng zousätzlech Ännerung mat derbäi, déi eigentlech eise System stärkt an och méi gläfwierdeg mécht. Duerfir wäerte mer deem doten Text och stëmmen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här President. Och Merci dem Rapporteur fir säi Rapport. Ech mengen, et ass och scho villes gesot ginn. Mir maachen hei eng Adaptatioun vun eise Chambersreglement opgrond vun deene Recommandatiounen vum GRECO. Ech mengen, d'Stéchwuert ass hei „Transparenz“. Dat ass awer wichteg, datt mer hei wierklech solle Patte blanche weisen als Chamber, well et ass och wichteg fir d'Bierger dobaussen, fir datt se weiderhi Vertrauen an d'Politik, an déi eenzel Politiker behalen.

Mir alignéieren eis hei och op dat, wat am EU-Parlament gang an gäbe ass. Wéi gesot, dat ass eng spezifesch Dispositioun, fir datt ebe bei där Transparenz, déi affichéiert gétt, awer och eng Kontrollméiglechkeet ginn ass. Wéi gesot, mir kënnen dat awer voll a ganz ënnerstëtzen, well et wierklech och am Sënn vun enger transparenter Demokratie ass. Ech ginn den Accord och vu menger Fraktioun zu där Ofännerung vun deem Reglement.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. D'Madamm Viviane Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Här President, déi gréng ginn den Accord zu dëser Modifikatioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Baum d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Och mir wäerten dëser Ännerung vum Reglement eis Zoustëmmung ginn. Et ass effektiv esou, datt, wéi mer och schonn 2014 d'Debatt geféiert hunn iwwert de Code de déontologie, mer dozou och eng ganz Rëtsch Schwachstellen oder d'Onzoulänglechkeeten, déi sech ugebaant hunn, schonn dee Moment monéiert hunn. Ech mengen, datt mer net der-